



Sprooch-Praxis an...

Wien sech mat ‚Sprooch‘ beschäftegt, kann dat op verschidde Fassonge maachen; natierlech och op méi wéi eng Manéier. Fir d'alleréischte komme mir jo als Kanner an der Famill a rondrëm mat der ‚Praxis‘ a Kontakt; da kënnt am Schoulwiesen d'Theorie drun (Liesen, Schreiwen an och d'Iwwersetzen an eng aner Sprooch wéi déi éischt, oder aus deer eraus an eis sougenannt ‚Primärsprooch‘). Bei déi Praxis kënnt dann d'Sprooch am pädagogesche Sënn, d'Schoulpraxis. Duerno kënnt dat ‚Literarescht‘, d'Schreiwerten/Auteuren. Op méi engem héigen Niveau fanne mir, wéi a jidfer Sprooch, d'Linguistik.

Ouni dës ‚Approchen‘ zevill stramm ausereneen ze halen, kann een déi verschidde Manéieren ower och matenee bei e sëllege Leit fannen. Zolitt Theoretiker/Linguiste fir d'Lëtzebuergesch begéine mir ewell am 19. Joerhonnert, wéi z.B. de Felix Thyges; den Dr. Weber mam Dictionnaire vun 1904; de Professor René Engelmann, zesumme mam Nik. Welter; de Robert Bruch; de Fernand Hoffmann; de Prof. Dr. Nico Weber, den Dr. Sam Mersch; haut besonnesch/apaart/absens de Prof. Dr. Gilles, deen d'Luxemburgensia op eiser UNI koordinéiert. Dann eis jonk Wëssenschaftler an der Nationalbibliothék, zu Miersch am ‚Centre Servais‘, an elo och an eisem ‚Zenter fir d'Lëtzebuergesch Sprooch‘. Dat alles ass jo alt nawell, gell!

Loosst mer och net déi iwwergoen, déi sech ewell zënter 200 Joer mat eiser Schreife wis erëmgeschloen hunn, an zwar vum Anton Meyer iwwer den Hary Godfroid, den Dicks, de Lentz, de Rodange, an all déi am 20. Joerhonnert (Weber, Engelmann, Feltes, Koenig, Bruch, den Cpl, an elo eisen ZLS (Zenter fir d'Lëtzebuergesch Sprooch). Ech si schwéier dovun ze iwwerzeegen, datt et strikt bei deer Orthographie bleift, déi elo an der Fënster steet; egal: wat ass dann d'Haaptsaach bei engem Tableau, d'Rumm oder d'Bild? Wichtig ass an dësem Zesammenhank, datt d'Lëtzebuergesch schrëftlech esouvill ennerwee ass wéi nach ni; dofir wäert et och ni ennergoen! Et giff jo bal e Bichelche fir sech, wann een d'Auteure vu virun 1971 (Grëndungsjoer vun der ACTIOUN LËTZEBUGESCH) an da vun deemools bis haut giff mat den Auteuren/Auteurinnen an Iwwersetzungen a Buchtitelen zesummestellen: Do gëtt et Exzellentes, Guddes a manner Dichteges... wéi an all Sprooch. Zënter de 60er Joeren, an dem Fernand Hoffmann sengen 2 décker Bänn iwer eis ‚Schreifeleit‘ huet kee sech méi druginn, esou eng Aarbecht op de Leescht ze huelen. An eisem ZLS giffen et déi néideg a kompetent Mataarbechter dofir.

Bei déi pädagogesch, also Schoulaarbecht fir d'Lëtzebuergesch därefer mir ower op kee Fall de Cours fir Auslänner iwwergoen. Dat ass en Erfolleg vun AL, vun deem och den ‚Unzéckert‘ 1974 net ze dreeme gewot hätt: vun 150 Leit ass d'Zuel vun den Intressierte bis wäit iwwer 10 000 eropgaang, an dee ganze pädagogesche Komplex läit haut héich offiziell an der Hand vum Unterrichts-Ministère, wou haut de Minister Claude Meisch eng gutt Hand iwwer eis Mammesprooch hält. Dofir kënne mir net haard an dacks genuch MERCI soen... am Respekt fir eis eemoleg Sproochsituatioun!



Guddes fir d'Sprooch an d'Heemecht

Bis virun e puer Dose Joeren hat eis Sprooch an der Press zesoe keng Chance, fir breetspuereg enner d'Leit ze kommen; et sief dann, datt mir vun der AL et zënter 50 Joer fäerdegbruecht hunn, d'Familjenannonce vu knapps 5% bis op haut 90% eropzékëddelen. Natierlech denkt haut nach knapps een drun, wéi dat virun 1971 ausgesinn huet an du gaang ass...net vumselwen! Deeselwechten Dréi hu mir haut bei Geschäftsannoncen...wann dir e puer Zeitungen aus deene ‚Pionierjoeren‘ um Späicher fannt, kënnt dir de Bewäis fir eis Behauptunge fannen, 100% sécher an der Nationalbibliothék. Datt d'Elektronik elo an deem Sënn eng formidabel Roll spillt, brauch ee jo kengem méi wäisszemaachen.

Wéi ronn 3000 Radios- an TV-Emissiounen a bal 300 KLACKEN hire klenge Verdéngsch bei deem verwonnerleche Sproochzoustand vun haut hunn, kann eis ACTIOUN-LËTZEBUGESCH, unni sech ze genieren op hire Fändel schreiwen, an dat, unni emol an den Detail vum Gesetz fir eis Nationalsprooch ze goen oder un hir Plaz an eiser Constitutioun an Honnerte vun aneren Initiative fir d'Lëtzebuergesch ze erënnere, just am Sënn wéi de Minister Robert Krieps et gär gesot huet: *Tue Gutes und sage es jedermann*. All eis Membre vu gësch an haut, grad wéi de Comité kënne mat Recht houfreg dorop sinn. Déi Generatiounen no äis därefer sech getréischt un alles dat erënnere!

vum Lex Roth



Muss dat sinn?!

Enjoy shopping on Black Friday... ass dat dann naaischt! Wier ‚Freet iech beim Akaf um Schwaarze Freideg‘ da vläicht ze flappeg? Oder sollen nëmmen déi et matkréien, déi e Schotz Englesch kënnen?

Oder mécht et besser-méi elegant-blénkeg? De Fransous giff ‚des clous‘, mir vläicht ‚Quetschen och‘ soen, sou wéi de Generol Mac Auliffe de Preisen zu Baaschtnech ‚Nuts!‘ dohinner gebass huet.

Ofgesinn dovun, datt kee richtig weess, vu wat den Ausdröck hierkënt (vläicht vum Bankecrash, 1929 an Amerika), kann een d'Geschäftswelt verstoen, datt si em 2010 dee Geldsak mam Wutz gehol huet fir ‚de Leit eng Freed ze maachen‘; dajee alt.

An dësem Zesammenhank sief drun erënnert, wéi koppeg et ass, fir a Geschäftsreklammen oder op Schëlter dat englescht ‚by‘ ze gebrauchen, aplaz einfach ‚beim Kett/Jang/Zapert‘. Näischt géint eng aner Sprooch...mä wat soll dat?

Klenggekeeten?

Firwat passe mir net besser op, wann äis d'Däitscht onnéidegerweis an d'Lëtzebuergesch rëtscht...da vläicht zugudderlescht och nach ‚mengen‘, datt wier dach net esou wichtig. **Wat heescht ‚Vernunft‘ op Franséisch, Englesch, Italiénesch?** Do ass et direkt vum Laténgesche ‚ratio‘ ofgeleet; **bei äis ass dat nun emol ‚Verstand‘ an op kee Fall ‚Vernunft‘**; dat ass just vergewaltigt Däitsch.

Am selwechte Sënn geeschtert och ewell um TV- oder Radiosmikro **deéi gelungen ‚Unzuel‘** dorëmmer; mir hunn do einfach eng ‚Zuel‘, grad wéi am Franséische, Engleschen, de skandinavischen a romaneschen Sproochen. A propos ‚gelungen‘; dat huet dräimol näischt mam däitsche Verb ‚gelingen‘ ze din; äis geléngt näischt, datt ‚geréit‘. lizenzielerei?...deer gëtt et dann ower an alle Sproochen...et sief, et ass engem egal; ower net, wann een eng Sprooch berufflech brauch!

Bei äis steet garantéiert **näischt am Virdergronn**, mä héchstens ‚virbäi‘;mir brauchen ‚insgesamt‘ och net, ‚am Ganze‘ geet duer; grad esou ass ‚gemeinsam‘ aplaz ‚zesammen‘ och pur Däitsch, wéi ‚anstatt‘ fir ‚aplaz‘...et wier bestëmmt intressant a gutt fir eis ‚Mikrosleit‘, wann et eng kleng Lëscht vun deenen zackerdjessen iwwerflëssegem däitschen Ausdréck giff ginn; datselwecht fir d'Franséisch an d'Englescht wier och nawell kee Muttwëll.

Dat sinn also esou deer ‚Klenggekeeten‘ déi ze dacks iwwerleeën ewechgewéitscht ginn, unni drun ze denken, datt se an alle Sproochen typesch fir d'Eegenart sinn (pour,de, à/for,too,to). Denkt emol un déi rout Strécher déi ee kasséiert huet, wann ee sech do an enger ‚Prüfung‘ veriert huet. ☺

Gedichter a Prosa

Vill vun äis hunn der ewell als kleng Butzien a wäit an d'Kannerzäit era Kontakt mat Gedichten kritt; et waren déi Spréchelcher vun e puer Zeilen, déi sech séier behalen hunn. Firwat? Mä dacks, well se gereimt hunn an e bestëmmten ‚Takt‘ haten. Deer gesammelter Kannerreimereie fanne mir och ewell ganz fréi an eiser Sprooch, z.B am 19. Joerhonnert beim Blannen Theis, a méi spéit méi systematesch beim Felix Thyges an dem Dicks. Wann ee gutt lauschtert, fënn sech ower och nawell gär eraus, datt de Rhythmus bei deer Saach eng wichteg Roll spillt; de Reim ass net onbedéngt d'Haaptsaach.

Esou wéi eist Häerz an engem bestëmmten Takt schléit, sou gesi mir jo och heinsdo, wéi kleng Kanner mat Juppelen/Danzen ufänken, wann si ‚bei der Musek‘ stin...et ass äis also souzesoen ugebuer; si hunn deen een Takt och heinsdo léiwer wéi en aneren, brauchen do guer net ze wëssen, ob et sech em eng Walz, e Marsch oder en Tango dréint; grad esou ass et bei Gedichten, déi sech un e bestëmmte Rhythmus halen an doduerch ä.a. vill méi liicht behale ginn. An dësem Gedankstreech kann een dann och dropkommen, datt ‚einfach opgerappte‘ Prosa ennereneegesat net onbedéngt e Gedicht muss ginn. Mir hu wonnerschéi Gedichten vun allen Zorten: an e Paul Noesen, Marcel Reuland, Jos Keup, Nic. Hein, Michel Rodange brauchen sech an hirer Fassong glatt net hannert der Moyenne vun aneren Sproochen ze verkrauchen; e Pier Kremer oder Pol Pütz an hirem Genre och net. Doriwwer komme mir nach en etlechmol...ze schreiwen.

An iwwersat op däitsch/franséisch???

Dee patscht en ierde Kluef.
Ech kréie bal keng Fixspéin méi.
Gehei keng Zigrettstémp ewech!
Looss mech wannechglift goen.
Dee krut vu mir eng gutt op d'Suckel.
De Jos ass e luussege Fuddeler.
Ech maache mir eng Gebeesseschmier.
Maach d'Zull op d'Stränz.
Schlupp net bei der Zopp.

Kuck, dass de verkënns!
Maach dech ewech!
Garrel net sou un deer Ham.
Schreif net esou kropeleg!
Knäip net beim Claude.
Elo hal ower op.
Deen Trëllert ass ëmmer hannendran.
Stëppel an der Glous.
Ech gamssen op Gesolpertes